



De "Freie" Lötzeburger

Telefon : N° 12-34

Telegramadr. : Deflö

Nationalistescht

Oppositio'nsblad

erschéngt regelmé'sseg onregelmé'sseg

Verantwortleche Redacter : Dêngens Dömy

Verwaltung : Prisong am Grond

Direct Verbindongen o'ni Drot mat London, New-York a Moscau

*So' secher we' ons d'Bierger wénken
kónt d'Freihétssonn èn Dag ons blénken.*

--- LÖTZEBURGESCHT NATIONALFEST ---

----- An der Hêmecht -----

We' schwe'er hûet et ons Lötzeburger gefall, onst Nationalfest an de Geburtsdag vun onser Gro'ssherzogin Charlotte net feiern ze können we' mir et an de leschte Jore vrum Krich gewinnt woren ze mâchen. Am Handel, an der Industrie, an de Verwaltongen, an de Scho'len, kûrz a gutt iwerall wor dât gewé'nlecht Wochendagsfe'wer. Onsen Här Gaul eiter wollt et eso' hun. Bong, mir hun ons dran ergin. Ower an den Hierzer vun alle lötzeburger Patrioten hûet eng Flâm gebrannt, de' d'Preisen net amstand woren ze lèschen. Mir woren dèn Dag a Gedanken bei onser Gro'ssherzogin zu London an hun hir vun Hierzen vill Gléck zo' hirem 46te Geburtsdag gewünscht. Mir hun ons gesot, bal 2 Jor hu mir et ausgehalen a mir halen et och nach 2 Jor aus, wänn et muss sin. Kên Drock, kên Zwank a keng Strof, so' hârt sie och sin, können ons op d'Kne'en zwéngen. Mir hâle fest un onser Scholl, un onsem Glaf. D'Geschéck vun onser Hêmecht hu mir gelûegt an d'Hänn vun onser Gro'ssherzogin Charlotte, Sie ass de Symbol vun onser Freihêt, vun onser Onofhängegkêt.

Kê ro'd, weiss, bloe Fûndel hûet an de Strösse geschwiewt, ower dau-sende Familjen haten ons Fârwen an hirer Stuff ophânken. Vill verstoppte Biller vun onser Gro'ssherzogin sin dèn Dag un d'Licht komm an hun, fir e pûer Stonnen, hir E'replâtz nês ageholl. Mamm a Papp hun hire Könnercher un d'Hierz gelûegt fir d'Gléck vun onser le'wer Gro'ssherzogin a vun onser Hêmecht ze bïeden.

Ge'nt den Owend ko'm me' Liewen an ons Gâssen, an ons Wirt wore ver-spellecht we' d'Pan an der Fûesend. Me' we' engem ass et opgefall dat dèn ons vun offizieller lötzeburgescher Seit iwer Radio Boston gemâchte Wénk befollegt ass gin : Bekanter, de' sech bege'nt hun, hun d'Hand op d'Hierz gelûegt a gelâcht.

Owens so'tzen d'Familjen gespânt òm de Radio, de' Extra-Emissio'nen vu Boston (U.S.A.) ze lauschteren. Wiwill Familjen hu sech net fir etlech Stonnen an Amerika gewünscht, fir sech un déne patriotesche Manifestatio'nen vun onsen amerikanesche Compatrioten können ze bedêlegen ? Onst Vollék hûet sech gesot : Nach e bös'che Gedold, da gesi mer d'Preisen op de Kne'en hêmrôtschen. Hire ganze militäresche " Baukasten " ass jo schons um Wibbelen.

Wann onst Nationalfest an dese Krichsjore sein traditionelle Glanz och verlûer hûet, onse Mutt ass net gebrach.

Mir halen dÛrch , um Spill stêt " Lötzeburg " .

Dêngens Dömy

=====

Helleft dem " Freie " Lötzeburger, an dir helleft ïech selwer

=====

--- LÖTZEBURGESCHT NATIONALFEST ---

----- An der Friemd -----

Och an der Friemd hun d'Lötzeburger drop gehalten ons Gro'ssherzogin ze

ze feieren. Wa mir son d' "Lötzeburger", da menge mir net domat de' Lausbo'-
wen vun der VdB, ma de' echt lötzeburgesch Patrioten.

E vun onse Correspondenten an der Friemd (an engem vun de Preise besate Land) hat d'Gléck an d'Fred enger sche'ner patriotischer Manifestatio'n beiwunnen ze können. Et huet sech hei net gehandelt òm e Fâkelzuch, net òm e "Gala", net òm e feierlechen TE DEUM oder soss eng Manifestatio'n mat vill Trallala, we' mir gewinnt woren ze gesin a Fridenszeiten. Nën, ons braw Lötzeburger haten d'Sâch vill me' einfach gemâcht, fir ze verhënneren dat de Preiss oder seng Gestapp hinnen d'Gléck soll ste'ere kommen. Wat hate sie gemâcht? Sie haten, irgendwo' an enger klenger Kîrech (et wor nat net Dag), eng Fre'möss liése geloss zu E'eren vun onser Gro'ssherzogin Charlotte. Wor dât net e sche'ne, patriotische "geste"? An dèr Möss woren net dausenden, net emol honnerte Mönchen, ma eng gewössen Zûel 100 %eg Lötzeburger, de' sech eng E'er an eng Flicht draus gemâcht haten onser le'wer Gro'ssherzogin hire Geburtsdag net eriwor goen ze lossen, o'ni e "Vateronser" fir sie ze bieden.

Wat onsem Correspondent opgefällt ass a wo'eriwer vill gelâcht ass gin, wor dât hei: We' è vun de Cho'erjungen mat dem Teller ronderem ass gângen fir d'Affergeld opzehiewen, ass è vun den Hären dèn der Möss beige-wunnt huet, senger Wé gâng. Kên huet gewosst fir wat. Op emol huet d'Uergel ugefâng d' "Uelzecht" ze spillen, wat me' we' è paff gemâcht huet. Mat gro'sser Andacht go'f ons Nationalhymme nogelauschtert, kên huet matgesong,ower me' we' èn hat Tre'nen an den Aen. No der Möss ko'm onse brawen Här vum Ducksal erof, et wor hien dèn d' "Uelzecht" spillen ass gâng. All Mönch huet dun och begraff fir wat onse Geléenhêts-Organist senger Wé wor gângen. Et wor net fir lânscht d'Affergeld ze kommen, well hien ass dèr kên.

Ze bemierken ass, dat de' 2 Cho'erjungen, de' d'Möss gedéngt hun, Lötzeburger Kanner woren.

Mir können natirlech fir den Ament net verroden wo' d'Sâch geschitt ass, Simon's Gusty brauch seng Nûem jo och net an alles ze strecken. En huet se o'nidem schons voll genug mam Referendum, fir nônnen dèn ze nennen.

Stolz si mir an des Hêmecht op eso' Compatrioten. Dât wat sie gemâcht hun verdéngt ernimmt ze gin, et gerêcht hinnen zer E'er.

De "Freie" Lötzeburger spricht heimat, am Nûem vun der Hêmecht, onse brawe Patrioten vun X sein de'fsten Dank aus, a ganz speziell dem Organisator an net manner och dem Här Paschto'er, dèn net gezéckt huet sech der Sâch unzehûelen a sie zu engem gudden Enn ze fe'eren.

Dât nennt è "Patrioten"!

=====

Helleft dem "Freie" Lötzeburger, an dir helleft fech selwer.

=====

----- Nom " V " de Ro'de Le'w -----

Mir wösse jo all we' den englesche " V " dem Preiss op de Mo gângen ass. Mat dausenden stong de " V " müergens fre' op onse Mauere geschriwen. Iwer Dag eweg gewösch, sin der dèn Dag drop nach eso'vill erenkomm. Fir der an alle besate Länner entstanener Begêschterong è fir allemol en Enn ze mâchen, huet de Preiss de " V " u sech gerass fir en als ègent "Siegeszeichen" ze proklame'eren. Hien hat vleicht gedüecht de Sieg ke'm da me' hurteg. Wat ass geschitt? Zonterhier ass seng Wehrmacht amplätz vijenzég, hannerzeg gângen.

Haut hu mir en idenesche Fall mam " Ro'de Le'w ", dèn an den Aen vun onsem Vollék de Symbol vu senger Onofhängegkêt ass. Iwerall huet de Preiss de ro'de Le'w verschwanne gedon, nônnen aus onsen Hierzer net. En huet, Enn der Sâch, sgesin dat neischt ze mâche wor sech de Kepp zerbroch fir eng Le'song ze fannen. Hei ass wat Ufanks Januar publize'ert ass gin.

V E R O R D N U N G

über Abzeichen und Symbol der Volksdeutschen
Bewegung in Luxemburg

vom 4. Januar 1942

Auf Grund der dem Chef der Zivilverwaltung in Luxemburg erteilten Ermächtigung wird für dessen Bereich verordnet

par. I

Das Kennzeichen der Mitgliedschaft in der Volksdeutschen Bewegung in Luxemburg ist das Abzeichen mit der Aufschrift "Heim ins Reich" auf

schwarzen Rand mit dem roten Heckenkreuz auf weissem Grunde.

per. 2

Der Rote Löwe des alten Lützelburger Wappens wird zum Symbol der Volksdeutschen Bewegung in Luxemburg als des kämpferischen Trägers des volksdeutschen Gedankens und der nationalsozialistischen Weltanschauung in Luxemburg erhoben.

Huet dir gutt gelies : "erhoben" ? An anere Wieder : De Ro'de Le'w ass net me' ofgeschäft, en ass nei' gefo'ert gin, d'uerf ower nömme gedron ze gin vun déne "Schweinhonn", de' onst Lend dem Preiss wöllen ausliweren. - Am "WORT" vum 9-I-42 stong geschriwen : Mit dieser Verordnung ist dem Missbrauch (sic) mit dem alten Lützelburger Wappen, dem Roten Löwen, nun ein Ende bereitet. Und nur die Lützelburger dürfen es in Zukunft tragen, die durch ihre tapfere deutschbewusste Haltung, ihren Bekennermut und ihren verdienstvollen Einsatz um die deutsche Seele ihre Würdigkeit bewiesen haben. Durch diese Verordnung wird gemäss dem Willen des Gauleiters der Rote Löwe in Zukunft die Brust jener Lützelburger zieren, die als erste Bekenner die Fahne des Reiches aufgenommen und sie unentwegt weitergetragen haben. Das Wappen des Roten Löwen ist damit allen Feiglingen, die nach den Worten des Gauleiters nicht wert sind, den lützelburger Boden zu bewohnen, endgültig weggenommen.

Da wösse mer jo elo Beschêd. All de', de' de "ro'de Le'w" frei a stolz op der Broscht d'uerfen ze dron, könne mir als "Verräter" betrüechten. All de' ener (an dât sin op d'mennst 95 %) f'üere virun de Le'w am Hierz ze dron.

Helleft dem "Freie" Lötzeburger, an dir helleft iech selwer

----- Vun onsem Pareisser Correspondent -----

Eng Lötzeburger Damm, de' zo' Pareis wunnt, gong elo kürz an de Cinema. Niewt hir so'tzen 2 deitsch Zoldoten.

We' den Haptfilm eriwor wor, hun se d'Actualite'te brüecht, d.h. bal' elauter Biller vun engleschen a russesche Stied de' d'Luftwaaffe schwe'ler bombe'ert soll hun. Engt vun déne Biller sollt, der Iwerschröft no, eng englesch (?) Industriestäd d'uerstellen, de' vun den deitsche Bommen üereg motgeholl si gin. D'Leid hâte nach emol keng Zeit d'Iwerschröft ganz ze liesen, du sét den en Zaldot (ganz paff) zo' sengem Kamerod : Nein, meine Heimat ! 's ist doch schrecklich.

Fir wat soll de Cinema net grad eso' gutt könne le'en we' d'Zeidengen ?

----- Lötzeburger Schröften -----

Fir d'Publikati'on vun alle Bicher, Brochüren a Schröften a Lötzeburger Sprôch ass d'Erlabnes vum Reichspropagandaamt ne' deg.

Mir glêwen net, dat de' Hären docks eng Erlabnes brauchen ze gin. Mir Lötzeburger könne ro'eg ofwarde bis nom Krich, dann h'uele mir ons d'Erlabnes de Preisen et an onser Sprôch, mündlech a schröftlech, lafen ze lossen. An dât no den No'ten.

Elang "De Freie Lötzeburger" ass vun der Verüerdnong net getroff. Hie ka schreiwe wât hie wöllt.

----- Fir den Dag vun der Ofrechnong -----

So' we' d'Actio'nen haut stin wir et net onmiglich, dat den europäesche Krich dest Jor zu Enn géng. Et zweiwelt kê Mönch drun, dat mir Lötzeburger mat Ongedold a mat Fréd de sche'nen Dag erwarden, wo' mir mat dem freche Preiss können ofrechnen. Mir wössen dat ons Rege'rong all Dispositio'ne getraff huet, fir fir den onsem Land an onsem Vollék ugedone moraleschen a finanzielle Schüed bis op de leschten Dubbel entschiedegt ze gin.

Ower ofgesin dovun hu mir nach e schwe'ere Stên um Hierz, eppes wat ons fént a wat ons gehe'ert. Mir mengen domat d'Reschter vum "Jang de Blannen", de' elo schon e p'uer honnert Jor zu Castell op der Saar leien. De "Jang" wor e lötzeburger Groß, hätt also sollen an onser Hêmecht begrüewe gin. An der Zeit huet ons Rege'rong zu Berlin Demarche gemächt, dat d'Reschter vum "Jang" no Lötzeburg sollen iwerfo'ert gin, ower de Preiss huet mat dem O'er

net gehe'ert. An eso' ward dèn ärmen Deiwel nach ömmer op e Grâf am Hêmechts-
büedem. Mir wetten, de " Jang " ge'f sech haut am Grâf erendre'en, wann e
wösst dat en am Preissland le'g.

"Ro'de Le'w" a "Jang'de Blannen" gehe'eren zesüemen, an duffer duffer
mir net vergiessen de "Jang" ze reklame'eren, den Dag wo' mir mam Preiss
ofrechnen. Et ass de' bescht a vleicht och de' lescht Geléenhêt onse gerechte
Wöllen dÛrchzesetzen. Ons Rechnong muss de Preiss "en bloc" unerkennen a
berappen.

De Blanne Jang ass Lötzeburger a gehe'ert ons.

----- Et sin hirer keng -----

Op Verüerdnong vum Gaul eiter Simon

a) sin ofgesat gin :

Leidenbach Nickela, Finanzinspekter, Lötzeburg

Staudt Theodor, Douanjé, Römeléng

Thill Jäk, Atelierchef, Uwerkêjéng

Nicolas Pol, Ennerinspekter, Capellen

Gorges Jampir, Eisebunnert, Pe'téng

Mehlen Robert, Eisebunnert, Lötzeburg

b) dufferen net me' ze praktize'eren :

Recken Clara, Hiewan, Clief

Jeätz Georges, Affekot, Lötzeburg

Tourneur Hary, Docter, Stengefort

Sinner Joss, Docter, Dickerech

Fischer Batty, Zänndocter, Lötzeburg

Kieffer Misch " "

Meres Alfons, " "

Petgen Hary, " "

Wilwers Alfons, " "

Jungbluth Franz, " "

Fellen Pol, " Clief

De' gro'ss Züel vum Zänndoctereren fällt ons op. Et wir elo net gutt
d'Zänn we' ze kre'en.

===== Helleft dem "Freie" Lötzeburger, an dir helleft fech selwer =====

-----Bre'fköscht -----

Schneifchen, Bieberech. - Averstänen.

Küschtert, Nanzeg. - Merci fir èr 75 Fr. An 8 Dég kritt dir Beschêd.

Rauten ass Tromp, Arel. - Eren Nüem ass echt lötzeburgesch, net deitsch.

Grenzstên, Donkels. - Mir hun ons de' 7 Madette note'ert.

Miniminimo, Veianen. - Merci fir èr gesammelt 212,50 Frs.

Stremmleif, Wölwerwoltz. - 8 Auer müerges, net owes.

Hengerjuck, Strössen. - Dè Mann gêt 2 mol an der Woch op Tre'er. Sei Wé wor

Bartschossel, Dummeldéng. - ^{bis elo secher} Kommt ons besichen, mir mâchen dât le'wer
mündlech of.

Spannekapp, Léck. - Merci fir èr Norichten a fir èr 50 Fr.

Fielslaus, Fiels. - Er Idee ass net schlecht, ower schwe'er dÛrchzefe'eren.
Mir komme spe'der op d'Säch zréek.

Anonyme, quelque part en Belgique. - Merci fir èr 100 Fr.

Brâmëschter. - Merci fir èr 50 Fr.

Bambula. - Merci fir èr 50 Fr.

Ybor. - Merci fir èr 50 Fr.

Beckerelli. - Merci fir èr 100 Fr.

J.F., Bressel. - Merci fir èr 50 Fr.

Beppchen vum Briddel. Herrgott, schlo se futti. 10 Fr. - Merci.

Schmatts Lys, Wüermeldéng. - Gedold. Sie kre'en d'Moselland ugehângen.

Ginze Gre't. - Mir hüelen fech mat op de Rhein.

Pe'ter Onro, Lampertsbiérg. - Dir könnt alles bei ons afhüelen.

Madame R. - Belgique. - Merci fir èr 20 Fr.

----- N° 6 vum onsem Blad ass an der Gaichel gedréckt gin. -----